


Rabais



Den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war den 18. Mäerz 2022 op Rabais gefuer fir mat der Méck ze fëschen. Haten mir an der Vergaangenheet schon esou munech Wiederkapriolen zu Rabais erliewt, esou konnten mir dëst Joer net kloen ewell eis Sortie bei beschtem Fréijorswieder konnt stattfannen. D´Waasser am Séi war glaskloer an et konnt een och schéin Fësch gesinn och wann den Séi net esou dicht besat war ewéi dat schonn mol fréier de Fall war. Deementspriedend hunn eis Fëscher sech dann och schwéier gedoen an Keen hat esou richtig den Wee bei den Fësch fonnt. Dat huet eisen Fëscher déi gutt Laun net verderwen, waren mir dach frou erëm kënnen zesummen fëschen ze goen.





Et ass ganz erfreulich dass mir dëst Joer geplangt hunn erëm een kompletten Programm duerch ze zéien, déi zwee verlueren Joer mat der Pandemie hunn och bei eisem Club Spuren hannerlos déi net esou einfach ze heelen sinn, No all deier Ongewëssenheet an domat verbonnener Onsécherheet fannen eis Fëscher erëm schwéier an déi al Gewunnegten eran esou war et dann och ze erklären dass wéineg vun eisen Fëscher den Wee op Rabais fonnt haten, um Wieder huet et sécherlech net geleeën.



Um Virowend vun eiser Sortie op Rabais, hunn mir zu Lamadelaine op de Weiere „beim Alain“ eis 25. uerdentlech Generalversammlung ofgehalen. Et haten sech dëst Joer zwar net esouvill Memberen afonnt ewéi dat schonn eemol an der Vergaangenheet de Fall war mee déi Memberen déi de Wee op d´Weiere fonnt hate, konnten enger harmonesch verlafener Generalversammlung bäiwunnen an hunn domadder och dem President a senge Comitésmemberen hir Aarbecht, déi Sie dat ganzt Joer fir de Veräi geleescht hunn, gewierdegt.



Lass gaangen ass et ewéi all Joers mat der Usprooch vun eisem President, de Jean – Jaques May. No der Begréissung vun de Memberen huet Hien a kuerze Wieder déi vergaangen zwee schwéier Joeren mat wéineg Veräinsliewe Revue passéiere gelooss an huet dunn d´Wuert un de Sekretär weiderginn dee senger Säits ee puer Wieder iwwert déi puer Sortien déi konnten dat lescht Joer stattfannen verluer huet. Uschléissend war et dunn um Caissier, dem Jemp Hoffmann, fir säin Keesebericht ze presentéieren, deen ewéi ëmmer vun de Caisserevisoren iwwerpréift a guttgeheescht gi war, hei muss ech eng Klammer opmaachen ewell nodeems sech erfreelecher Weis dräi Memberen, den Guy Hoffmann, den Fränz Meis an den Gérard Bertholet bereet erkläert haten fir am Comité mat ze schaffen hunn mir dunn missen nei Caisserevisoren an der Persoun vum Robert Bevot an vum Gast Graas fannen, heifr soen mir Hinnen Alleguerten villmools Merci fir hir Bereetschaft eist Veräinsliewen mat ze organiséieren an ze kontrolléieren. Deen neien Comité an déi nei Caisserevisoren sinn dann och unanym vun der Versammlung ugeholl ginn.





No der Presentatioun vum neie Joresprogramm, de Comitéswahle bei deenen déi austriedend Comitésmemberen, Lucien Dilk, Gast Graas an Raymond Paulus, unanime erëm gewielt gi sinn, war et dunn un der Éierung vum Clubchampion Dan Pierrot deen fir d'lescht am Joer 2019 Clubchampion gi war, andeems Hien sech esouwuel am Fléissgewässer ewéi och am Stéllgewässer als beschte Fëscher erweisen hat. Mir hunn dee flotten Owend ofgeschloss andeems mir bei Schnittercher an enger gudder Coupe Cremant den Owend auskléngen geloos hunn.

